**Evangelium**
**(Lk 11,27-28)**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
*A. Dir all Éier, Här.*

27 Wéi de Jesus d'Leit geléiert huet,
huet matzen ënner deene villen, déi do waren,
eng Fra him zougeruff:
"Glécklech de Schouss, deen dech gedroen,
an d'Broscht, déi dech geniert huet!"

28 Hien awer huet geäntwert:
"Glécklech si villméi déi,
déi dem Herrgott säi Wuert héieren
an sech dorun halen!"

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*